

# Wéivill Wuelstand wëlle mer (... zu Lëtzebuerg)?

## oder: de Mythos vum "Hochdruckreiniger"

Zu dësem Thema war en Diskussiounsowend organisiert gin am Kader vum 4. ökumenesche Forum "Chrëschte fir Gerechtegkeet, Fridden an d'Erhale vun der Schöpfung". Un der Diskussioun hun delgeholl de Norbert Campagna, deen de philosopheschen Aspekt sollt belichten, de Camille Gira, Buergermeeschter vu Biekerech, deen aus sénger Erfahrung um Terrain geschwatt huet, an d'Viola Kennert, protestantesch Pastorin als Vertrieederin vun der ökumenescher Bewegung. Eise Wuelstand as kritesch hannerfrot gin, mä et sin och eng ganz Partie konkret Virschléi gemaach gin fir dass de Wuelstand eis Welt nüt weider zerstéiere soll. Hei e Résumé vun dësem ganz interessanten Owend.


Et kann een d'Iwwerleeungen iwert de Wuelstand an e ganz aktuelle Kontext stellen: d'Nordstrooss an de Gréngewald. De Minister Goebbels huet nämlech bei Geleënheet vun enger Table ronde mat Emweltschutzorganisatiounen behaapt, dass, "wa mer eise Wuelstand wëllen halen, dass mer da missten Industrië bauen", dat heescht natürlech och Infrastruktur schafen, wéi zum Beispill Stroosse bauen. Weider huet e gemengt, "dass jo kee Lëtzebuerger bereet wär, 1000 Frang manner ze verdingen." D'Iertemer, déi sech an desen Aussoe verstoppen, waren den Ausléiser, fir eng Grondsazdiskussioun iwert de Wuelstand unzeregen.

Et muß fir d'alleréischt emol festgehal gin, daß eise sougenannte Wuelstand *op Käschten vun dräi Niveaueen opgebaut as: vun der Drëtter Welt, vun der Emwelt a nüt zuläscht vun eis selwer*. Also stellt sech d'Fro nei: Wivill Wuelstand kënne mer eis nach erlaben? Mä fir dorop ze äntweren, muß eng aner Fro geklärt gin: Wat as eigentlech Wuelstand? Heescht dat: alles hun, wat ee brauch oder méi hun, wéi ee brauch. Mä wat brauch een dann eigentlech? An hei si mer op engem kritesche Punkt ukomm.

Selbstverständlech wëlle mer nüt "zréck op d'Beem". Mir kënne nüt méi op eng Rei Errungenschaften vun der Technik verzichten. Villes, besonnesch och am Haushalt, huet eis d'Liewen erlichtert. Mä elo geet et wiirklech drëm, wéi ee mat gewësse Saachen émgeet an ze énnerscheeden, wat ee brauch a wat nüt.

Um Beispill vum "Hochdruckreiniger" soll gewise gin, wou mer krank sin. Mir kafen eis esou en Apparat, well e grad an der Reklam as oder/an well de Noper och een huet. Dat gehéiert sech haut eben, esou en Apparat ze hun. Zwou Saachen lasen hei falsch. Eischentens solle mer eis nüt vun de Reklamme falsch Bedürfnisser schafe loossen an zweetens, wann de Noper schon een huet, firwat kënne mer e nüt mat him deelen, wou een dach esou eng Maschin némmer all 10 Joer eng Kéier brauch. Den Individualismus an den Egoismus si leider eng Begleiterscheinung vum kapitalistesche System. D'Leit missten also léieren, mateneen ze deelen an sech och op wesentlech Saachen ze beschränken.

D'Konsumorgien am Fernseh, wou mat all méiglechen Artikelen Spillercher gemaach gin, sin eng Frechheet vis-à-vis vun alle Leit, deenen et schlecht geet. De Comble as, wann een och nach eng Rees an e Land gewénnnt, wou d'Aarmut ganz grouss as. Mä d'Wirtschaft muß lafen. Wa mer alles hu, wat mer brauchen, musse mer eis et oft nei kafen an och e ganze Koup Saachen, déi een eigentlech nüt bréicht. An hei komme mer op eng weider Ligen vun eisem Wuelstand. De Wuelstand vun engem Land gët gemooss um Bruttosozialprodukt. Dat magescht Wuert vum "Wirtschaftswuestum" zirkuléiert. Et muss émmer biirgop goen.



Un engem Beispill soll gewise gin, dass hei eppes nüt stëmmt. Wann an engem Land vill Medikamente verkaf gin, wissit d'Bruttosozialprodukt. Mä et weist och, dass d'Leit an esou enger Gesellschaft émmer méi krank sin. Et muss och festgestallt gin, dass d'Leit an engem "wohlhabende" Land wéi Lëtzebu-

---

erg n t onbed ngt ganz gl cklech sin;  ischter de Contraire tr fft zou. Et kann een dat  nnert anerem um Verbrauch vu Berouegungsm ttel nowisen. M  dat stellt een er ischt richteg fest, wann een un d'Fassad kraze geet an *'G leck n t eleng mat engem volle Portemonni gl ichsetzt'*. Et muss een de Leit kloer maachen, da t se am Fong n t m i hun, och wann et esou ausges it. Wa jiddereen zwee Auto n huet, an also mengt, vill ze hun, an dann am Stau steet an Ofgasen anotemt, dann huet e guer n t m i esou vill. *Liewensstandard d erf n t mat Liewensqualit t verwiesselt gin*. Dr i Auto  pro Famill as en h je Liewensstandard, m  durch all Nodeeler vum Auto h llt d'Liewensqualit t of. D'UNO huet e neit Miessinstrument geschaf, den "Index of sustainable economic welfare". Wann d' Bruttosozialprodukt 30% kl emmt, kann d esen Index eng Baisse vun 12% verzeechnen.

Och an de Gemenge si vill Leit der Meenung, eng Gemeng misst wuessen, an esou gi weider Lotissementer geschaf. M   nnert dem Str ch notzt et jhust dem Promoteur an et br ngt eng Rei Problemer, vun der Infrastruktur bis zu der sozialer Integratioun. Politiker si gefuerdert, ganz einfach emol "*nee*" ze soen an e verst nnege Wuestum unzestriewen. Vl it k int een d'Leit och emol froen, wats si da wiirklech w llen: 5% m i an der Pei, fir dass een sech en Hochdruckreiniger ka kafen, deen een eigentlech n t brauch, oder 5% manner schaffen bei gl icher Pei. Sou k int

een och dem Problem vun der Aarb chtslosegeet beg inen. Ech verweisen hei op e ganz interessant Buch vum Wilhelm Haller (*Die heilsame Alternative. Jesuanische Ethik in Wirtschaft und Politik*, Peter Hammer Verlag, 1989), dee prob iert, opzeweisen, w i  een d' konomie mat jesuanesche Prinzipie ka vereenegen.

Zum Schluss kann ee festhalen, dass mer keng gesond Liewesphilosophie m i hun. Mir missten *eis z reckbes nnen op dat Wesentlecht*, de W art vun de Saachen nei entdecken, ouni dass se onbed ngt ganz deier oder rar gin am S enn vum Erich Fromm s engem Standardwierk "Haben oder Sein". Virun allem awer feelt et eis un engem *Konzept*, un enger *Vision f r d'Zukunft*: W i  e L tzeburg, w i  eng Welt w lle mer? Dass mer esou w i am Moment n t k nne weiderfueren, g t eleng schon doduerch beluecht, dass eis Rohstoffreserve begrenzt sin, w i den Dennis Meadows et scho virun 20 Joer a s engem Buch "Die Grenzen des Wachstums" nogewisen huet. De Mensch steet virun der grousser Erausfuerderung, s eng Astellungen z anneren oder  nnerezegoen. Vl it geet et duerch vill kleng Schr tt nom Motto "Global denken, lokal handelen". Eng Rei Virschl i kann een an d sem Artikel er mfannen, m  schlussendlech sin si n mme vu Notzen, wa se eng Bewossts insver nderung mat sech z ien.

**Bert Hoscheit**